adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Chamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Oktober 2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister un d'Madamm Finanzminister an d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

D'Notariat aus am Ament an Oprouer.

Duerch d'Gesetz vum 8. Juli 2021 gouf den elektroneschen Depot vun den Notaire-Akten ab 1.11.2022 agefouert.

Et stinn nach haut, **19 Deeg** virun der Entrée en Vigueur eng ganz Rei juristesch ewéi praktesch Froen op.

Heizou wollt ech follgend Froe stellen :

1) Ass et esou datt den Notaire selwer muss all Depot (vun enger " expédition-minute) validéieren ? Wéi justifizéiert Dir, daat par Rapport zum Fait, datt den Notaire do ass fir en " acte authentique" (déi wierklech an eenzeg " minute") opzehuelen an et nach ëmmer Mataarbechter waren déi duerno d'Formalitéite vum Enregistrement an der Transkriptioun beim Hypothéikenamt virgeholl hunn?

   Ass et an Ären Aen net eng juristesch a praktesch Abératioun, datt den Notaire muss esou administrativ Aarbechten iwwerhuelen ?

2) Bis haut (!) huet nach keng Etude Zougang zu der Plattform déi soll ab dem 1.11. obligatoresch sinn. Si haten absolut keng Geleeënheet sech mat där Plattform vertraut ze maachen. Wéi justifizéiert Dir, datt esou eng absolut fundamental Funktioun, fir d'Leit ewéi fir d'Gesellschaften a besonnesch och eis Finanzplaz, an esou en Chaos gestierzt gëtt ?

3) Stëmmt et, datt den Notaire net automatesch vun der Administratioun soll informéiert gi wann en Dossier refuséiert gëtt? Ass dat an Ären Aen net och eng Abératioun, ëmsou méi ewéi d'Gesetz gesalze Strofe virgesäit wann den Depot iergendeen Feeler opweist ?

4) Sidd Dir au courant vun praktesche Probleemer déi bis dato net geléist sinn ? Gouft Dir an deem Sënn vun der Chambre des Notaires kontaktéiert a wéi gedenkt Dir ze reagéieren ?

5) Géift Dir der Ausso zoustëmmen, datt déi ganz Reform schlussendlech nëmmen derzou féiert, datt d'Responsabilitéit vun engem korrekten Encodage vun den Akten, déi bis elo bei der Administration de l'Enregistrement louch op den Notaire ze schubsen, an dat ënner heftegen Amendë bei all Feeler ?

6) Sidd Dir net och der Meenung, datt esou eng Revolutioun vum Notariat op mannst hätt missen eng Transitiounsperiod virgesinn ? Deelt Dir d'Meenung vum Notariat datt dës Reform onbedéngt muss verschubst gi bis all déi opgeworfe Froe gekläert sinn ?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742